N° 6236
Reçue le 29.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6236 vum 23. Mee 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Wéi vill Patienten hunn an de vergaangenen 10 Joer (opgeschlësselt pro Joer) Servicer vun engem Kinésithérapeut fir Récken- a Nuque-Problemer an Usproch geholl? Wéi vill Euro huet d'Krankekeess all Joers heifir ausginn?

D'Nomenclature vun de Kinesitherapeuten erlaabt net déi eenzel Aktivitéiten no anatomescher Regioun opzedeelen. Et ass deemno net méiglech ze soe wéivill Servicer vun engem Kinesitherapeut fir Récken- a Nuque-Problemer an Usproch geholl goufen.

2. Wéi vill Patienten hunn an de vergaangenen 10 Joer (opgeschlësselt pro Joer) vum David Health-Programm (fréier DBC) fir Récken- an Nuquen-Problemer an Usproch geholl? Wéi vill Euro huet d'Krankekeess all Joers heifir ausginn?

Den *"David Health"* Programm ass een internationaalt Netzwierk vun Zentren, déi eng ëmfaassend Behandlung vu chronescher Péng am Réck a Genéck ubitt. Zu Lëtzebuerg gëtt dës Behandlung exklusiv am Centre thermal et de Santé zu Mondorf (CTS) ugebueden.

Déi genee Tariffer, déi sech am Kontext vum *"David Health"* Programm applizéieren, sinn an der Nomenclature festgehalen, déi d'Gesondheetskeess mam Centre thermal de Santé vu Mondorf ënnerschriwwen huet[1].

Den Tableau 1 presentéiert d'Unzuel vu Patienten an déi zesummenhänkend Käschte fir d'Gesondheetskeess, déi am dësem Kontext an den administrativen Datebanke vun der sozialer Sécherheet agedroe goufen.

[1] Règlement grand-ducal du 10 décembre 2015 modifiant le règlement grand-ducal modifié du 19 mars 1999 concernant la nomenclature des actes et services prestés dans le Centre thermal et de santé de Mondorf-les-Bains pris en charge par l'assurance maladie.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Tableau 1: Unzuel vu Patienten a Käschte fir d'Gesondheetskeess (CNS) am Zesummenhang mam "*David Health*" Programm am Centre thermal et de Santé zu Mondorf tëscht 2012 an 2021

	2012		2015		2019		2020		2021	
Anatomisch Regioun / Acte	**Unzuel Patienten**	**CNS Käschten (Dausenden €)**	**Unzuel Patienten**	**CNS Käschten (Dausenden €)**	**Unzuel Patienten**	**CNS Käschten (Dausenden €)**	**Unzuel Patienten**	**CNS Käschten (Dausenden €)**	**Unzuel Patienten**	**CNS Käschten (Dausenden €)**
Réck										
Forfait cure (24 séances)	545	564,9	510	525,7	565	581,6	150	173,6	333	596,5
Forfait journalier d'interruption	184	94,3	200	97,2	265	134,7	249	212,2	255	216,1
Séance d'entretien	264	101,5	281	113,5	392	156,7	274	105,0	206	110,4
Genéck										
Forfait cure (24 séances)	212	243,8	209	242,1	193	220,3	56	67,0	146	261,5
Forfait journalier d'interruption	76	41,3	83	44,2	102	57,7	109	110,2	104	97,5
Séance d'entretien	61	24,5	81	28,0	107	39,8	83	32,1	60	31,3
TOTAL	**/**	**1.070**	**/**	**1.051**	**/**	**1.191**	**/**	**700**	**/**	**1.313**

Quell: Datebanke vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS

Wéi am Tableau 1 duergestallt, kann ee feststellen, dass d'Unzuel vun de Patienten, déi d'Haaptbehandlung vum Réck a Genéck am *"David Health"* Programm an Usproch huelen, konstant tëscht 500 a 560 Patiente pro Joer bleift. Ee liichten Abroch kann ee fir d'Joren 2020 an 2021 feststellen, wat awer dem COVID-19 bedéngt ass.

Wat d'Käschten uginn, kann een eng liicht Tendenz no Uewe feststelle vun 1,1 Milliounen am Joer 2012 op 1,2 Milliounen am Joer 2019. Am Joer 2020 kann een eng Reduktioun vun de Käschte feststellen, bedéngt duerch d'COVID-19 Pandemie. Am Joer 2021 belafen sech d'Käschten dogéint op 1,3 Milliounen, obwuel ee klore Réckgang an der Unzuel vun de Patiente festzestellen ass. Dëst ass zréckzeféieren op d'Upassung vun den Tariffer fir de CTS wéinst engem Aktivitéitsverloscht, deen duerch d'COVID-19 Mesurë bedéngt ass, an den zousätzleche Käschten, déi dës Mesurë mat sech bréngen.

3. Existéieren nach aner Ulafstellen hei am Land, fir de Programm vun David Health kënnen an Usproch ze huelen ausser deem vu Munneref?

Cf. Äntwert op d'Fro 2.

De Rehazenter huet och *"David Health"* Maschinnen, déi ginn awer am Moment exklusiv am Kader vum Programm Long COVID agesat.

4. Wéi vill Patienten hunn zënter 2013 (opgeschlësselt pro Joer) d'Offer vun der nationaler Réckeschoul an Usproch geholl?

Dem Gesondheetsministère leie folgend Zuele vir iwwer d'Unzuel vun de Leit déi an deene lëschten 10 Joren op d'Offer vun der nationaler Réckeschoul zeréckgegraff hunn:

- 2013: 1.004
- 2014: 828
- 2015: 933
- 2016: 954
- 2017: 768
- 2018: 681
- 2019: 859

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

<u>Wéi vill Euro huet de Gesondheetsministère heiranner investéiert?</u>

De Gesondheetsministère kann déi gefroten Zuele bis d 'Joer 2017 zeréck verfollegen:

2017	138.618,70€
2018	94.530,02€
2019	25.621,27€
2020	25.753,43€
2021	20.132,09€

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert